N°1670
Entrée le 16.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.12.2024
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture 8
Référence : 817/2024
18 DEC. 2024
A traiter par :
Copie à :

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 16 décembre 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden:

„Am Kader vum Déiereschutz, kann een sech säit Mäi 2024 iwwert den *help@deier.lu* beim Landwirtschaftsministère melle wann et e legitimme Grond fir eng Plainte gëtt. Dëst wier zum Beispill de Fall, wann Déieren a klenge Käfeger agespaart sinn, net genuch Iessen an Drénke kréien oder och wann et e Manktem un Hygiène gëtt.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau folgend Froe stellen:

- Kann d'Madamm Ministesch doriwwer informéiere wéi vill Kontaktopname et bis elo gouf? Wéi vill vun dëse Kontaktopname woren legitim a wéi vill sinn der net zreckbehale gi well se net an de Kader vun der Konformitéit falen?
- Bei wéi vill Kontaktopname wooren Agenten op den Terrain geschéckt gin fir sech d'Situatiounen unzekucken? Konnt de Verdacht bestätegt ginn a sinn Amenden ausgeschwat ginn oder Déiere matgeholl ginn?
- Wéi evaluéiert d'Madamm Ministesch d'Efficacitéit vum Programm a ginn et Erkenntnisser op méi Efforte musse gemaach gi fir de Problem an de Gréff ze kréien?"

Mat déiwem Respekt,

Fernand ETGEN
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 1670 vun den éierbaren Deputéierten Fernand Etgen a Luc Emering**

1. **Kann d'Madamm Ministesch doriwwer informéieren, wéi vill Kontaktopnamen et bis elo gouf? Wéi vill vun dëse Kontaktopname ware legitim a wéi vill sinn der net zréckbehale gi well se net an de Kader vun der Konformitéit falen?**

   Vu Mee bis Dezember 2024 goufen et 120 Kontaktopnamen, dovunner waren der 77 recevabel. 43 Kontaktopname sinn net zréckbehale ginn.

2. **Bei wéi vill Kontaktopname waren Agenten op den Terrain geschéckt gi fir sech d'Situatiounen unzekucken? Konnt de Verdacht bestätegt ginn, a sinn Amenden ausgeschwat ginn oder Déiere matgeholl ginn?**

   D'Veterinärsinspektere waren a 70 vun deene 77 Fäll op d'Plaz kucken. Bei den dobäi festgestallte Verstéiss huet et sech haaptsächlech em geréng Verstéiss gehandelt, an deene meeschte Fäll konnt de Verdacht net bestätegt ginn. Et goufe keng Amenden op déi Kontaktopnamen hin ausgeschwat an och keng Déiere saiséiert.

3. **Wéi evaluéiert d'Madamm Ministesch d'Efficacitéit vum Programm, a ginn et Erkenntnisser, op méi Efforte musse gemaach gi fir de Problem an de Gréff ze kréien?**

   Iwwert déi nei Mailadress si vill Meldunge rageschéckt ginn déi zu Kontrolle gefouert hunn, sou dat se dozou bäigedroen huet a weider dozou bäidréit den Déiereschutz zu Lëtzebuerg weider ze verbesseren. Zousätzlech wäert di nei Mailadress fir de Summer 2025 evaluéiert ginn. Heivir gëtt eng Ëmfro bei deene Leit lancéiert, déi säit dem bestoe vun dëser Kontaktstell eng Meldung dorop gemaach hunn.

Lëtzebuerg, den 16. Januar 2025

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN